
# LES SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force



Héich uewen am Eisleck waren zwee „Insoumis" am Kiirchturem wéi an enger Mausfaal verstoppt. Et war ower keng aaner „Herberge" fir si do.

1 2003
Février
43e année

**Fédération des Victimes du Nazisme, Enrôlées de Force** a.s.b.l.

A S. A. R. le Grand-Duc Jean
Château de Fischbach

Monseigneur,

D'Fédératioun vun den Zwangsrekrutéierten wönscht Iech alles Guddes fir Äere Geburtsdag zesumme mam Wonsch, dass Dir onsem Land nach vill Joeren a gudder Gesondheet erhale bleiwt.

Et wor fir d'enrôlés de force eng grouss Éier mat enger starker Délégatioun un de Festiwitéiten de 17.12.2002 deel kennen ze huelen a bestätegen nach nodréiglech ons Félicitatiounen zu deser grousser Auszeechnung d'"Médaille Militaire", déi och duerch Iech onst Volleeck éiert a besonnesch d'"Jeunesse Sacrifiée".

Jos Weirich
Président vun den enrôlés de force



Bureau des Télécommunications

Télégramme

LUX-FAX-40150 61/59 14 0830

ETATPRIORITE
MONSIEUR JOS WEIRICH
PRESIDENT DE LA FEDERATION DES VICTIMES DU NAZISME
ENROLEES DE FORCE A.S.B.L.
B.P. 2415
L-1024 LUXEMBOURG

LES AIMABLES VOEUX ET SENTIMENTS PRESENTES EN VOTRE NOM ET AU NOM DE LA FEDERATION DES VICTIMES DU NAZISME, ENROLEES DE FORCE A L'OCCASION DE MON ANNIVERSAIRE M'ONT FAIT GRAND PLAISIR.

JE VOUS EN REMERCIE DE TOUT COEUR.

JEAN



FÉDÉRATION DES VICTIMES DU NAZISME, ENRÔLÉS DE FORCE A.S.B.L.

SURVIVANTS DES ENRÔLÉS DE FORCE A.S.B.L.

CONSEIL DU MÉMORIAL DE LA DÉPORTATION

traueren ëm

# d'Josée Reeff

PRESIDENTIN VUN DE SURVIVANTS,

VIZEPRESIDENTIN VUN DER FÉDÉRATIOUN VUN DEN ZWANGSREKRUTÉIERTEN A MEMBER VUM CONSEIL DU MÉMORIAL DE LA DÉPORTATION, HOLLERECH-GARE



D'Josée Reeff huet äis verlooss e Méindeg, den 10. Februar 2003, am Alter vun 82 Joer. Hatt war zum Schluss an der „Maison de soins" am Pafendall.

Domat verléisst d'Josée déi grouss Famill vun der geafferter Generatioun, woubäi hatt selwer eng vun de bescht bekannten a markanteste Perséinlechkeete war.

1978 koum d'Iddi op, déi du scho vill Witfrae mat de Kanner an engem Grupp opzefänken an der Zwangsrekrutéiertegeneratioun ze erhalen. D'Josée war Feier a Flam. Hatt huet Reesen, Ausflich a Kaffiskränzercher mat deene villen anere Leidensgenossinnen organiséiert an domat de Fong geschafe fir eng Interessegemeinschaft um Liewen ze erhalen. D'Josée war fréizäiteg Witfra ginn an huet selwer mussen erliewen, wat dat geheescht huet, dräi Jonge fir d'Liewe virzebereeden. Schonn am Joer 1979 gouf hatt zur Presidentin vun de Survivants gewielt, dës Gruppéierong ass am selwechte Joer der „Fédération des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme" ugeglie-dert ginn, woubäi d'Josée d'Vizepresidentschaft iwwerholl huet.

Déi gréisst Verdéngschter huet d'Josée ower am Service social vun den Enrôlés de Force, Haaptaufgab war de „Placement prioritaire" vu kranken a fleegebedierftegen an de Fleegeheimer, an an de „Maisons de soins" nom Ofkommes mat der Regierung.

Dem Josée säi lescht ëffentlecht Optriede war den 8. September 2002 um Kanounenhiwwel bei Geleenheet vun der Journée Commémorative, op Baueresonndeg.

Eng aussergewéinlech gutt besichte Gedenkmass fir d'Josée war den Donneschden, 13. Februar an der Häerz-Jesu-Kierch op der Gare. De Chanoine André Heiderscheid huet am Noruff all déi vill Verdéngschter vum Josée besonnesch ervirgehuewen, déi hatt an all deene ville Joeren am Déngscht vun der geafferter Generatioun an deene villen Eenzelnen opzeweisen hat.

D'Josée ka getroumscht viru säi Schöpfer trieden, hatt kënnt net un mat eidelen Hänn. D'Mass gouf verschéinert vum Chouer vun den Zwangsrekrutéierten. Merci och dem Fuendeldréier vun der Sektioun Lëtzebuerg-Stad, deen am Chouer Plaz geholl hat.

Déi grouss Famill vun den Zwangsrekrutéierte wäert nach laang un d'Josée denken, an dréckt der Famill am Trauer hiert déifste Bäileed aus.

# „Tambower Tag“ am 9. November 2002

Wie alljährlich begann auch der diesjährige „Tambower Tag“ am 9. November 2002 mit einer Gedenkzeremonie beim „Monument de la Solidarité Nationale“ am „Kanounenhiwwel“, wo die Mitglieder der Amicale sich um 10 Uhr mit ihren Familienangehörigen eingefunden hatten. Kammerpräsident Jean Spautz sowie Stadtbürgermeister Paul Helminger, ferner Edf-Präsident Jos. Weirich, Guy de Muyser, Präsident vom Mémorial de la Déportation, Niki Koob, Präsident der Umgesiedelten, J. P. Wolff und und Johny Hellenbrand von den Mutilés et Invalides de guerre 1940-1945, beehrten die Feier mit ihrer Gegenwart. Präsident Gast Junck und Sekretär Jules Steffen von der Amicale Tambow sowie eine Delegation der Amicale de Tambow de la Vallée de l'Orne legten Blumen nieder an der Flamme du Souvenir. Die Militärmusikanten Guy Kraus und Michel Berens spielten die Sonnerie aux Morts.

Chanoine André Heiderscheid, der Aumônier der Tambower, feierte um 10 Uhr 30 in der Herz-Jesu-Kirche, in Anwesenheit von zahlreichen Tambowern und deren Familienangehörigen eine ergreifende Eucharistiefeier, die gesanglich vom Chor der Tambower und der Zwangsrekrutierten, unter der Leitung von Paul Nilles, unterstützt durch das Orgelspiel von Daniel Malnate, gestaltet wurde und umrahmt war vom Streichquartett der Militärkapelle. Die Sonnerie Nationale wurde von Michel Berens gespielt. Eingangs überbrachte Chanoine Heiderscheid die Segenswünsche von Erzbischof Mgr. Fernand Franck.

In seiner viel beachteten Predigt erinnerte Abbé Heiderscheid an die Leiden, Opfer und Entbehrungen der „Lëtzebuerger Jongen“, die nie vergessen werden dürfen. Er erinnerte an das Zeugnis von Robert Bruch, der schrieb: „Über den Erddächern dieser Wohnlöcher flüstert leise die Frage der Toten nach ihrer Mutter“. Auch der Seminarist Aloyse Lang, der in Tambow gefangen war und dort starb am 16. 04. 1945, klagte: „O Mamm, ech fillen, ech muss stiewen, sinn ech nach laang an dësem frieme Land“ (nachstehend das vollständige Gedicht).

Aumônier Heiderscheid verlas die Namen der 25 Mitglieder der Tambower, die seit November 2001 bis jetzt verstorben sind: Jos. Kieffer, Jos. Seyler, Nic. Scharff, Charles Oberweis, Pierre Schmit, Jempy Lahr, Emile Heintz, Léon Dohn, Antoine Stebens, Alphons Kauffmann, Arthur Denel, Arthur Siebenaler, François Wampach, Pierre Frieden, François Reinert, Robert Scheffen, Servais Stemper, Léon Grond, Paul Schandel, Robert Wagner, Nicolas Schmitz, Michel Urth, Alfred Moris, Jos. Arendt und Lucien Zemmes.

Das Opfergeld der Messe ist für die Alzheimer ASBL bestimmt. Das Absingen der „Heemecht“ beschloss die kirchliche Feier. Die Tambower und ihre Familienmitglieder stellten sich dem Fotografen zu einem Gruppenbild auf der Treppe der Herz-Jesu-Kirche.

Die 51. statutarische Generalversammlung der Tambower fand am Nachmittag nach dem Mittagessen im Novotel statt, wo der Präsident allen Teilnehmern sowie den Vertretern der Amicale Tambow de la Vallée de l'Orne dankte, für ihre Teilnahme. Er richtete warme Dankesworte an Abbé Heiderscheid für die schöne Gedenkmesse, an die Sänger und Musiker für ihre Ausführungen in der kirchlichen Zeremonie sowie an die Fahnenträger der verschiedenen Sektionen und alle Tambower mit Familie für ihre Teilnahme an dem Gedenktag.

Sekretär Jules Steffen erinnerte in seinem ausführlichen Tätigkeitsbericht einführend an die vor 60 Jahren begangenen Verbrechen der Naziregierung, die in völkerrechtswidrigen Verordnungen am 30. August 1942 die Militärpflicht für 5 Jahrgänge der Lëtzebuerger von 1920 bis 1924 proklamierte, und später die Jahrgänge 1925-1927 hinzufügte. Ein Generalstreik im ganzen Land war die Folge.

Im ganzen wurden 15.409 junge Lëtzebuerger von der Zwangsrekrutierung erfasst, wovon 3.590 gefallen oder im Kriege vermisst wurden und 253 durch Kriegs- und Feldgerichte zum Tode verurteilt wurden. Rund 1.000 junge Luxemburger lernten das russische Gefangenenlager Tambow kennen: In Tambow und Kirsanow starben 167 Luxemburger, auf der Heimfahrt noch vier weitere: Feyereisen Nic. von Niederpallen, Jost Alphons von Luxemburg, Jungers Jean-Pierre von Tüntingen und Perl Jean-Pierre von Zolver.



*Tambower aus Luxemburg und aus dem nahen Grenzgebiet bei der Kranzniederlegung am „Monument de la Solidarité nationale“*

### Das Gedicht von Aloyse Lang:

**Meng Mamm.**

Dei' Bild go'ng mir an d'Fären no,
Dei' Mond, Dein Hoer, Dein treie Bléck;
Et ass we' wann aus Nue't a Plo
Du stenneg mech gifs ruffen zréck.

Ech wosst ni, we' ech Dech hât gären
A we' ech fest un Dir gehâng,
Bis ech hu missen fort an d'Fären
An haut si weit vun Dir gefâng.

O könnt we' démols ech 'rem liéwen
A spillen em Dech nach als Kand,
O Mamm, ech fillen, ech muss stiérwen,
Sinn ech nach lâng an dësem friéme Land.

Er erinnerte an die vielen Leiden der zahlreichen Lëtzebuerger die in deutschen Gefängnissen, Zuchthäusern, Kazettlagern und Umsiedlungslagern schmachteten. In einer Schweigeminute gadachten alle Anwesenden ihrer unglücklichen Kameraden und Freunde. In weiteren Ausführungen berichtete Jules Steffen, dass das Komitee durch Präsident, Sekretär und Komitee-Mitglieder, Fahnenträger und Tambower Kameraden, so weit wie möglich, an allen Begräbnissen der Tambower und an den patriotischen Feiern im Lande teilnahmen. Er wünschte allen, sich am nächsten „Tambower Tag“, am 8. November 2003, wiederzusehen.

Kassierer Jos Schiltz gab einen Einblick in den Kassenbestand der Amicale und erhielt Entlastung durch die Versammlung. Die Kassenrevisoren Julien Coner, Fernand Geimer und Armand Fabricius wurden für ein weiteres Jahr in ihrem Amt bestätigt.

EdF-Präsident Jos. Weirich betonte in seiner Ansprache, dass die Luxemburger durch ihren Widerstand bei der Zwangsrekrutierung bewiesen, dass sie eine starke Nation sind, und rief die Jugend der heutigen Zeit auf, wachsam zu sein und das Erbe ihrer Väter zu pflegen.

In seiner Abschlussrede berichtete Präsident Gaston Junck über die diesjährige Reise nach Tambow und Kirsanow, an der einige Familienmitglieder von Tambowern teilnahmen. Er erklärte ferner, dass Pflegebetten in Pflegeheimen und Altenheimen bereitgestellt werden, für die Tambower, die in ihrem Alter pflegebedürftig werden.

Gegen 17.00 Uhr löste sich die Versammlung auf.

Steffen Jules

# „Duerch hiert Liewen an hiert Stierwen hu si eis e Beispill ginn“

## Di 91 Lëtzebuerger Affer vu Slonsk sinn net vergiess

D'"Fédération des enrôlés de force, victimes du nazisme" hat fir en Donneschdeg den 30. Januar op eng Erënnerungszeremonie an eng Veillée fir di 91 Lëtzebuerger agelueden, déi an der Nuecht vum 30. op den 31. Januar 1945 vun engem SS-Kommando an däer klenger Uertschaft Sonnenburg, dem heitege Slonsk a Polen, no bei der däitscher Grenz, op eng schrecklech Aart a Weis higeriicht si ginn.

Ugefaang huet d'Zeremonie am Virowend um 6 Auer um Kanounenhiwwel an der Stad. Als Éiregäscht waren do den Arméiminister Charles Goerens, d'Deputéiert Théo Stendebach a Colette Flesch an herno an der Veillée d'Deputéiert Ferny Nicklaus-Faber an de Stater Conseiller Alain De Muyser. Hannert der Flam stungen d'Fändele vu ville Resistenzorganisatiounen an Amicalë vun Zwangsrekrutéierten: Lëtzebuerger Roude Léiw (LRL), „Ligue luxembourgeoise des invalides et mutilés de guerre 1940-1945“, „Ligue des réfractaires et déportés militaires“, „Association des croix de guerre et valeurs militaires“ an d'"Enrôlés de force" vun Diddeleng a vun Hesper. Den Edmond Faber huet den Optakt um Clairon gemaach. Duerno ass an engem richtege Schnéisturm eng Gerbe mat roude



*Matzen an engem schwéiere Schnéistuerm ass d'Gerbe um Kanounenhiwwel néiergeleucht ginn*
*(Photos: Guy Jallay)*

Blumme vum Norbert Melcher a vum Julien Giersch vum „Comité central" vun den Zwangsrekrutéierten als Erënnerung un di 91 Affer néiergeleucht ginn.

Den Ofschloss vun der traureger Feier hu rëm d'"Sonnerie aux morts" an d'Heemecht gemaach.

De Jos Weirich, President vun der „Fédération des enrôlés de force", huet e puer Wuert merci un d'Leit gesot an drun erënnert, datt di 91 Lëtzebuerger Jongen deemools wuel a grad sou enger Keelt hire leschte Gank hu mussen untrieden.

Duerno sënn d'Leit an d'Éiregäscht an d'Krypta vun der Kathedral gaange fir di reliéis Zeremonie. Och do sinn d'Fändelen am Chouer gewise ginn a symbolesch fir di 91 Doudeg si genee sou vill Käerzen ugefaange ginn.

A senger Usprooch huet de Jim Bolmer, Generalsekretär vun der Federatioun, op de Massaker vu Slonsk higewisen, wou 91 Jongen ouni Urteel dout gemaach gi sinn, an alle Leit an Organisatioune merci gesot, di un der Feier bedeelegt waren. En huet drun erënnert, dass och e Grapp Buedem vu Slonsk symbolesch um Kanounenhiwwel ënnergeschäert ass, ier en un dräi grouss Initiativen hei am Land aus deene leschte Méint erënnert huet - d'Affär 2. Gëlle Fra an di zwou Ausstellungen „Et war alles net sou einfach" an „D'Verbrieche vun der Wehrmacht" - fir ze betounen, dass d'Jugend, di sech vill Froe géif stellen, e Recht drop hätt, objektiv richteg Äntwerten ze kréien; d'Federatioun géif jiddefalls hir Hëllef ubidden.

De Massaker vu Sonnenburg wier op kee Fall dat Eenzegt an deem Genre gewiescht; si hätten alleguer eist Land schlëmm getraff. Ganz schlëmm huet e fonnt, datt no der Schändung vum Kierfecht zu Sonnenburg 2001 d'lescht Joer Banditen d'Paart a Stécker geschnidden hunn, fir d'Material ze verkafen; Gott sei Dank wiere se gepëtzt ginn.

Besonnesch zu Häerz gaangen ass d'Lidd „Eise gefalenen a vermësste Jongen zum Gedenken", dat d'"Chorale des Enrôlés" gesongen huet. Duerno ass e kuerze Videofilm mat de Photoen an de Nimm vun deenen 91 gewise ginn, an eng Minutt laang hunn d'Leit a Rou un d'Affer geduecht.

Um Uschloss un déi Gedenkminutt huet de Chanoine André Heiderscheid en ergräifend Gebiet virgedroen. A Gedanken, mee och mam Häerz a mat der Séil wiere mir lo bei deenen 91 Jongen, déi virun 58 Joer vun den SS duerch e bestialesche Regime higeriicht gi sinn, well se di falsch Uniform mol net wollten zum Schäin undoen. Duerch hiren Doud hätte se en deire Präis fir eis Fräiheet bezuelt.

Duerch hiert Affer hu se jiddefalls d'Fëllementer geluecht an de Grondsteen gebaut, datt Lëtzebuerg rëm konnt aus senge Ruinen operstoen. Dovun hätte mir an di nei Generatioune profitéiert. „Duerch hiert Liewen an hiert Stierwen hu si eis d'Beispill ginn, fir eis Wäerter an Idealer ze moossen. Duerfir bleiwe mir a bleift eist Land an hirer Schold", sou de Chanoine André Heiderscheid wuertwiertlech. Am Tempel vun der Consolatrix gife mir hinne merci soen an der Éiwegkeet an hire Familljen heiniden, datt et si gouf a sou wéi si waren. Eiser Herrgott hätt si ganz sécher a säi Räich opgeholl, dorunner gife mir fest gleewen. En hätt se ausgezeechent, wi nëmmen heen et kann. Lo soll hie se wësse loossen, datt mir an der Heemecht u si denken an hirer wäert bleiwen.

D'Feier ass mam Lidd „Un ons Jongen" ofgeschloss ginn.

A ganz zum Schluss waren et dann di zwou Strophe vun der Heemecht.

Wi all Kéier war et och dëst Joer eng ergräifend Feier, di wéinst hirer nationaler Bedeitung jiddefalls méi wi je eng méiglechst grouss Opmierksamkeet verdéngt.

Z.



*Keen hätt wuel besser kënnen d'Gefiller vun de Leit ausdrécke wi grad de Chanoine André Heiderscheid, dee selwer „Enrôlé de force" war*



# Verbrechen der Wehrmacht

## Zuschriften und Kommentare

Sprinkingen, den 23. Januar 2003.

Herr Jos Weirich
Präsident der Zwangsrekrutierten
21, rue Jean Wolter
L-3544 Düdelingen

Werter Herr Weirich,

Betrifft: Fernsehsendung über die Ausstellung: **Verbrechen der Wehrmacht.**

Der Sprinkinger Franz Pesch und Albert Kohl aus Luxemburg, (beide 1920 geboren) haben sich bitterlich darüber beklagt, dass die Professoren und Historiker Blau & Scuto, in besagter Sendung, angeblich unzutreffende Aussagen über die damaligen Zustände gemacht hätten. A. Kohl ärgerte es ganz besonders, dass Sie daneben gesessen hätten, ohne sofort diesen beiden Wissenschaftlern ihre unwissenschaftlichen Aussagen richtig zu stellen. Letzterer versuchte noch während jener Sendung ins Studio zu telephonieren, um wütend seinen Protest anzumelden.

Dem Pesch hab ich gesagt, dass man dem Weirich deshalb keine Vorwürfe machen sollte, denn in aller Regel sei jeder normale Mensch in einer solchen Emission leicht aufgeregt; während die in Psychologie und Rhetorik geschulten Akademiker, es gelernt hätten, großspurig und wortreich an der Wirklichkeit vorbei zu reden. Zusätzlich ließe eine Meute von Professoren & Journalisten, dann noch vorsätzlich, einen Weirich, kaum noch zu Wort kommen. Um solchen Subjekten zu kontern, müsste man jenen sofort mit grobem Geschütz ins Wort fallen, und sie in scharfer Form bloßstellen. Aber dann würde man von unseren dekadenten Wohlstandsbürgern als Terrorist abgestempelt, während die konformistischen Universitäre als Märtyrer bewertet würden.

Auch wenn Professor Scuto sicherlich kein Sozialhilfeempfänger ist, so hat sein Wohnhaus in Limpach weder Briefkasten, noch Hausnummer, noch Türklingel *(festgestellt am 31.8.2002)*.

Habe dies niedergeschrieben, um der Wahrheit dienen zu können.

Mit freundlichen Grüßen

[signature]

Gust Wester

# Historeschgauklereien mat historesch mossgeschneiderter Vergaangenheet.

**De Nolauschterer:** An dem RTL Impuls vum Sonndeg, den 8. 12. 2002 ass vun „sou genannten Historiker" déi opgewiermten Zopp, déi den Nolauschterer schon laang nët méi schmaacht, erëm zerwéiert ginn. Mir verstinn, dass een als „ofhängegen Historiker" net ëmmer Geschicht esou schreiwe kann ewéi se ass, d.h. d'Wourecht.

Dass nëmmen duerch d'patriotesch Haltong vun der Resistenz an den Zwangsrekrutéierten, no dem Krich eng nei an onofhängeg Natioun entstanen resp. gebuer gouf, ass geschichtlech allgemeng gewousst. Duerfir versti mir net, dass op emol mir de schwaarze Péiter zougeschoustert solle kréien. Mir verstinn och net firwat eis Historiker mat de Responsablen aus dem „Enseignement" d'Wourecht iwwert d'Krichs- an d'Nokrichsjoeren an de Schoulen tabuiséiert hunn.

Dem Jos Weirich seng Äntwert op d'provokativ Fro vum RTL war schonn exakt; d'Zwangsrekrutéiert hätten absolut kee Problem mat der Wehrmachtsausstellung, wann d'Expo och d'Lëtzebuerger Mentalitéiten ënnersträichen géif. Firwat sollte mir als Affer vun der Wehrmacht dogéint sinn.

De Jos Weirich seet: An der Ausstellong „et war alles net esou einfach" gouf op engem grousse Plakat publizéiert: „et waren 1 100 fräiwëlleg Lëtzebuerger an der däitscher Wehrmacht", an et gëtt fir dës Publikatioun dem Pol Dostert säi Buch zitéiert. Trotz de Reklamatiounen, dass de Pol Dostert dat net geschriewen hätt, ass d'Plakat net geännert ginn.

Marie-Paule Jungblut: „Mir hu keng Aussoe gemat – mir hunn Zitate geholl", an dann nennt d'Historikerin eng nei Zuel vun 950, vum Pol Dostert, a seet: „Mir hu se net gezielt – Dir hutt se net gezielt."

**De Nolauschterer:** An den Archiven zu Diddeleng sinn d'Nimm vun den **101** Diddelenger Fräiwëllegen déponéiert.

Dës historesch Dokumentatioune beweise prozentual fir d'ganzt Land, dass d'Chifferen, déi Dir publizéiert hutt, falsch an historesch wäertlos sinn. De gréissten Deel vun de Fräiwëllegen waren aus de Joergäng 1898 bis 1919 incl., et waren 61 Lëtzebuerger Preisen a Lëtzebuerger Italiener. Wou bleiwen do nach d'historesch Wourechten?

Marie-Paule Jungblut: An der Arméi ass et drëm gaange fir ze iwwerliewen, an duerfir hu sech der an d'-Spezialausbildonge gemellt, „eng dovunner war ëmmer de Scharfschütze".

**De Nolauschterer:** De Wëlle fir ze iwwerliewe, besteht schonn esou laang, wéi d'Mënschheet existéiert, an dat net eleng an den Arméien. D'Madame Jungblut wëll an hat den RTL-Nolauschterer d'Wehrmachtskampfmethoden virexerzéiert, dobäi huet si vergiess, dass et ënner den Nolauschterer nach Zäitzeie gëtt. Den Nolauschterer huet a senger gezwongener Wehrmachtszäit éier hie Refraktär ginn ass, keen eenzege Lëtzebuerger Scharfschütze kenne geléiert resp. begéint, entweder goufen et keng oder et waren Lëtzebuerger Preisen? Den historesche Beweis ass de Geheim Keitel Erlass vom 19. Mai 1943 – Betr. Behandlung und Verwendung von Wehrpflichtigen Luxemburgern. Oberkommando der Wehrmacht N° – 1966/42 geh. WFST/Org. (II): Kee Kompanie-Chef huet ee Lëtzebuerger Zwangsrekrutéierten an d'Scharfschützenausbildong dierfe schécken.

Den D. Scuto seet: Soulaang d'-historesch Evénementer tabu bleiwen, soulaang hu mir Historiker keng Chance ze schreiwen, wéi d'Geschicht wierklech war.

**De Nolauschterer:** Här Scuto, d'Historiker hunn d'Geschicht verschlof a verschlampt. D'„Enrôlés de Force" huet scho säit Joerzéngten geschichtlech d'Wourecht gefrot, d.h. d'Antitabuiséierung, speziell fir d'-Schoulen.

Tabue sinn agefouert ginn, fir dat skandaléist Behuele vun der Silhouette- Regierung zu London der Lëtzebuerger Ëffentlechkeet net zoukommen ze loossen. Den ee Minister sot: „Haalt hinnen de Bass, Dir sidd hinne geschwë lass!" Oder: „Jongen, laaft iwwer!" Den aneren an engem Telegramm un den holländesche Gesandtschaftsrot, Här van Pannuys an un d'Rout Kräiz zu Lissabon: „Cessez tout secours aux Luxembourgeois!" (H. Koch)

Honnerte vun Doudegen hätte mir manner, Honnerte vu Refraktären hätte mir méi. D'Historiker si mat verantwortlech fir ee „laisser faire" am Vergaangenheets-Geschichtsmilieu.

De Pol Dostert seet: D'Resistenzler an d'Zwangsrekrutéiert waren am Fong d'faktesch d'Réckgrat fir d'Onofhängegkeet an d'Demokratiséierung vun onsem Land.

**De Nolauschterer:** Den Här Paul Dostert huet den Nol op de Kapp getraff. Durch d'Solidaritéit, an dat war d'Réckgrat, konnten Dausende vu Refraktäre mat Liewensmëttel beliwwert ginn.

De Lucien Blau seet: Hei am Land gëtt nach vill ze vill kaschéiert, sief dat de Biergerkrich a Spuenien, d'Aféierung vum Maulkuerfgesetz, dat duerch eng knapp Majoritéit net agefouert gouf, Krichs an d'Nokrichszäit, an d'Bedeelegung vun den Zwangsrekrutéierte bei der Fédératioun Eist Land – Eis Sprooch.

**De Nolauschterer:** Wat d'Spuenierkämpfer betrëfft, hu si fir eng Idiologie gekämpft. All Säit hat eng falsch Idiologie. D'Faschisten hu Milliounen vu Leit ermuerdet. D'Kommunisten hu Milliounen vu Leit ermuerdet. D'Resistenz an d'Enrôlés de Force hu fir onst Land an d'Demokratie gekämpft.

Wat d'Fédératioun Eist Land – Eis Sprooch betrëfft, waren d'Zwangsrekru-téiert nëmmen als Observateuren dobäi, d.h. fir kee blanne Fanatismus opkommen ze loossen, esou wéi dee sech an den 30er Joeren a Spuenien esou wéi an Däitschland ofgespillt huet. Oder ass den Här Blau géint onst Land an géint ons Sprooch?

Den Zwangsrekrutéierten
an Refraktär als Nolauschterer,
deem seng Mamm
am KZ Ravensbrück,
an säi Papp am Zuchthaus war.



# Gedanken zum RTL-Impuls vum 8. Dezember 2002

Ufänke wëll ech mat de Gräuel vun der Wehrmacht, an op heibäi och Lëtzebuerger Fräiwëlleg dobäi woren. Wéi vill Lëtzebuerger sech fräiwëlleg fréizeiteg zur Wehrmacht gemellt hätten, schéngt jo ëmmer nach eng Donkelziffer ze sinn. Am russeschen Dossier vum KGB sinn 1 893 Nimm opgeléscht. Dobäi figuréieren der 236 als Fräiwëlleg, 29 dovu mat engem Fragezeechen. Bei ganz ville klëngt den Numm och vun déisäits der Musel. 32 Nimm sinn aus de Joergäng 1920 bis inklusiv 1928? Heibäi sinn der erëm sechs mat engem Fragezeeche versinn. Ee Mann vum Joergang 1880 ass verzeechent mam Antrëtt an d'Wehrmacht de 26.9.1944, an de Gefaangenschaftsdatum ebenfalls mat dem 26. September 1944. Heiraus ass ze schléissen, dass vun de Joergäng vun der Zwangsrekrutéierung net vill Lëtzebuerger Fräiwëlleger derbäi woren. A wann, an alle Länner an Europa gouf et däer vill, mer brauchen nëmmen d'Flamänner ze kucken. Quislingen a ganz arem Arbeitsloser ware liicht ze begeeschteren. Heimat gesäit een, dass et net derwäert war, heifir en Impuls op RTL mat sou genannten Historiker ze organiséieren, déi, wéi et schéngt, an hirer Ausbildung an de Kannerschong stiechen. Si brauche keng Zäitzeien, si wëssen alles besser. Si bréngen et fäerdeg, dass si mat Hëllef vun de Moderatoren dach Recht behalen.

An dann toozt eng Historikerin iwwer d'Iwwerliewen, a wéi een dat ustellt. Scharfschütze, dat wor de „mot d'ordre". Ech hunn an e puer Wochen am viischte Gruef zwee Scharfschützen kenne geléiert. Éischtens sinn déi Schützen ëmmer eleng, well se onheemlech mobil musse bleiwen. No véier oder fënnef Schoss gouf et Zäit fir d'Blat ze botzen, well dann huet déisäit d'Granatwerferfeier net laang op sech waarde gelooss. D'Militär billt domat gut ausstafféiert Mäerder aus, an ech gleewen nimools, dass Lëtzebuerger Jongen sech heifir ausbilde gelooss hätten (Ausnahme gëtt et ëmmer). Iwwerhaapt de ganze Quatsch huet mech iwwerzeecht, dass eis Historiker sech anstatt an enger Militärschoul an enger Spillschoul informéiert hätten.

Dobäi bleift hei am Ländchen nach esou villes op, ower do wëllt kee vun deene Geeschter sech d'Fangere verbrennen. Am Éisléck siche Familljen nach haut, wou hir Léifst verschleeft a massakréiert goufen, a wou se vun den Nazihäscher ageschäert sinn. Dat wier wahrhafteg eng Aufgab fir esou Wullmeis. Il y a du pain sur la planche, paakt et un.

nm.

# Legende … oder … oder Geschichtsklitterung

Den RTL Impuls vum Sonndeg, den 8.12.2002, gëtt e gutt Virspill, wéi „sou genannten Historiker" ouni „Skrupel" kënnen no hirem Gutdünken d'Geschicht zurechtbéien. De Lucien Blau huet heizou verschidde Beispiller offréiert. Mee wien hie kennt, weess, dass dat net fir eescht ze huelen ass, an et onnëtz ass, sech mat him ausenaner ze setzen. Kee Wonner och, dass hien an dëser Sendung gläich vum Sujet ofgewach ass a profitéiert huet, fir seng extrem lénksgeriichten Astellung ze propagéieren. Allerdings muss ee sech froen, op seng siwe Wuertergräifungen, géintiwwer dräi Interventioune vun aner Partizipanten, trotz hirer Zouwuertmeldungen, onparteiech vu Säiten de Moderatoren Caroline Maart an Tom Graas waren.

Nëmmen ee Beispill soll hei stellvertriedent aus dëser Sendung erausgegraff gi fir ze weisen, wéi „dës Historiker" net zécken iwwert Saachen ze schwätzen, vun deene si keng blass Ahnung hunn.

D'Madame Marie-Paule Jungblut seet: „… an der Arméi ass et drëm gaange fir ze iwwerliewen" – „an dofir hu sech der zou Spezialausbildunge gemellt" – „an eng dovunner war **ëmmer** Scharfschütze" – „Scharfschütze dat heescht nach esou vill Méint net un d'Front" – an erëm heiheem gëtt gezielt, „datt der vill nëmmen dem Scharfschützen d'Patroune gereecht hunn" –.

Esou wäit d'Historikerin M. P. Jungblut. Datt muncher Enrôlé de force versicht huet (wann en iwwerhaapt d'Méiglechkeet hat) duerch Sonderausbildung de Wee un d'Front esou laang wéi méiglech auszeschieben, ass richteg. Awer dann ze behaapten, dass eng vun dësen Ausbildungen **ëmmer** Scharfschütze war, entsprécht net der Wourecht. Ausbildung als „Funker" oder „Rechner". d'-accord. An dann „hätt den ‚ausgebildete Lëtzebuerger Scharfschütze' nëmmen dem Scharfschützen d'Patroune gereecht"!!! Esou en „historesche Quatsch" kann een nun awer net den Zäitzeien erzielen oder waarde bis se zumindestens all dout sinn.

1. D'M. P. Jungblut soll emol de „Geheime Keitel Erlass vum 19. Mai 1943 betr.: Behandlung und Verwendung von wehrpflichtigen Luxemburgern" liesen, an da versteet och si vläicht, dass kee Kompaniechef a Lëtzebuerger an d'Scharfschützen-Ausbildung geschéckt huet.

2. Dem Scharfschütze seng Missioun war: gutt getarnt eleng ze operéieren, a keen zweete Mann war derbäi, fir him missen d'Patrounen ze reechen, déi hien a senger Täsch hat.

Awer d'Mme M. P. Jungblut verwiesselt „MG Schütze 1" an „MG Schütze 2" (MG = Maschinengewehr). Den MG Schütze 1 huet geschoss an den MG Schütze 2 huet d'Munitioun geschleeft an och d'MG gelueden. Datselwecht war och fir den „SMG Schütze" (SMG = schweres Maschinengewehr).

Also fir esou Dommheeten iwwert d'„Scharfschützen" ze erzielen oder sech erzielen ze loossen, an da selbstbewosst iwwert RTL ze posaunen, muss ee scho waarden, bis keng Zäitzeie méi do sinn, an da mat esou an aner „Geschichtsklitterungen" ufänken.

Jos Weirich

# Eng positiv Nouvelle zu Diddeleng

Op Wonsch an nom zuelräiche Reklaméiere resp. Beschwéiere vun eeler Leit, net eleng vun onse Member, hat d'Sektioun Diddeleng, den 18. Dezember 1997, an enger Demande un de Schefferot vun der Gemeng Diddeleng, verschidde Virschléi iwwert net Entloosse vun eeler Leit aus dem Spidol proposéiert, z. B. si als Fleegefall ze behalen, soulaang d'Rehabilitatiounstherapië wierkungslos sinn resp. keng Fleegeplaz fräi ass.

---

*Dudelange, le 5 janvier 1998*

*Conscient des problèmes évoqués, le collège des bourgmestre et échevins a transmis votre lettre pour avis à la Commission administrative de l'Hôpital de Dudelange ainsi qu'au ministère de la Santé. Le collège vous remercie de votre initiative et y reviendra en temps utile.*

*Mars Di Bartolomeo*
*bourgmestre*

*Joseph Schmit*
*secrétaire*

---

*Dudelange, le 23 février 1998*

*Dans les prochaines années, notre établissement entamera d'importants travaux de modernisation. Mais consciente des problèmes évoqués dans votre courrier, notre Commission administrative tient à vous informer qu'après modernisation, l'hôpital hébergera un centre de gériatrie aiguë d'une capacité de 60 lits qui seront répartis en une unité de lits long séjour et une unité de lits moyen séjour pour le compte d'un service de rééducation gériatrique. Cette nouvelle structure permettra sûrement de résoudre maints problèmes connus actuellement par votre association.*

*Louis Rech, président*

---

*Dudelange, le 4 décembre 2002*

*Un service de Rééducation gériatrique commun HVD-HVEA ouvrira ses portes à partir du 1er janvier 2003 à l'Hôpital de la ville de Dudelange. Cette nouvelle structure consiste dans la prise en charge multidisciplinaire de la personne âgée de 65 ans et plus, nécessitant une rééducation fonctionnelle.*

*La Commission administrative*

---

Merci der Gemeng Diddeleng an der Spidolskommissioun.

Esouguer, wa laangwiereg Diskussioune vu Mëssverständnesser begleet sinn, ass dee schlechsten Dialog nach ëmmer dee beschte Wee.

Mir sinn net duerch d'Erënnerungen un d'Vergaangenheet méi gescheit, mee duerch d'Responsabilitéit fir d'Zukunft vun den eelere Generatiounen.

Jos Benoît,
Sekretär vun der Sektioun Diddeleng

Mêmber vun der „Commission consultative"
vum Drëtten Alter an der Gemeng Diddeleng.

# Parteiesystem, en Ideal? Neen!

An der Chambersëtzung vum 18. Mee 1961 war den Här Staatsminister Werner formell. Hie war géint all direkt an indirekt Revisioun vum Krichschuedegesetz, trotz d'Spriecher vu sämtleche Parteien eens waren, dass d'Zwangsrekrutéiert am Krichschuedegesetz diskriminéiert an ongerecht behandelt goufen.

D'Parteidiktatur huet wéi ëmmer fonctionnéiert.




Mat Däitschland gouf verhandelt resp. diskutéiert an een Accord getraff.




Jos Benoît
Sekretär vun der Sektioun Diddeleng

## Den neie Fändel zu Diddeleng (rectification)

**GIEDELEN A PÄTTEREN ZWANGSREKRUTÉIERT A SURVIVANTS**

Mme Hansen Anita

**GIEDELEN A PÄTTEREN, NOKOMMEN VUN DEN ZWANGSREKRUTÉIERTEN**

Mme Michaux-Hansen Renée
M. Hansen Nico



# Erinnerungen und Andenken

Wir waren acht junge Luxemburger Zwangsrekrutierte, die nach einer Zwischenstation von drei Wochen in Saloniki und acht Tagen in Athen Mitte Juli 1943 mit einer JU52 die Insel Rhodos erreichten. Außer den drei Tagen Krieg im September mit der italienischen Besatzung verlief der Aufenthalt auf der Insel Rhodos mehr oder weniger ziemlich ruhig. Wir Luxemburger hatten den Krieg überlebt, d. h. wir waren mit knapper Mühe dem Hungertod entgangen. Einer von uns, Josy Hemmer, war bei einem Fliegerangriff verwundet worden und konnte frühzeitig die Heimat wiedersehen.



*v.l.n.r. Victor Meis – Emile Gruber.*

Nachdem der deutsche Oberbefehlshaber auf Rhodos die weiße Fahne gehisst hatte, wurde die Insel von englischen Truppen besetzt und wir wurden englische Kriegsgefangene. Am 11. Juni 1945 wurden die ersten Truppen auf ein Schiff verladen und erreichten am darauf folgenden Tag den Hafen von Alexandrien. Von dort wurden wir per Eisenbahn in ein Riesengefangenenlager hinter El Alamein gebracht. Wir wurden von den Deutschen getrennt und unsere Heimreise begann am 30.1.1946 über England und die Ankunft in Luxemburg erfolgte am 23. Februar 1946.

Alle meine Kameraden, mit denen ich das leidvolle Schicksal verbracht habe, sind inzwischen gestorben. Ich will hiermit ihrer gedenken:

| | |
|---|---|
| Barthels Marcel | † 1971 |
| Moutrier Fernand | † 1983 |
| Manderscheid Jempy | † 1985 |
| Kohnen Willy | † 1997 |
| Reisdorf Robert | †1998 |
| Hemmer Josy | † 2000 |
| Meis Victor | † 2002 |

1997 hatte die Amiperas von Ettelbrück eine Reise nach Rhodos veranstaltet. Zusammen mit Victor Meis hatte ich an dieser Reise teilgenommen. Mit einem Leihwagen besichtigten wir unsere damaligen Aufenthaltsorte. Natürlich erwachten in uns manche vielfältigen Erinnerungen. Als letzter meiner Kameraden starb im vergangenen Jahr Victor Meis. Auf dem Bild stehe ich neben ihm am Brunnen im Binnenhof des Johanniterhospitals in Rhodos-Stadt bei unserem Aufenthalt 1997.

Emile Gruber

## Enrôlés de force, victimes du nazisme, Sektioun Lëtzebuerg-Stad

De Comité vun den Enrôlés de force Lëtzebuerg-Stad invitéiert lech häerzlechst, un der

**Generalversammlung**

e Mëttwoch, de 26. Mäerz 2003 um 15 Auer am Café-Restaurant de Paris, 16, place d'Armes (nieft dem Miwwelgeschäft Bonn) deelzehuelen.

# Nachtrag zu den „Verbrechen der Wehrmacht"

Unsere Historiker, Gott sei Dank nicht alle, sollten sich dieses Zitat von Luc Medernach im Heft: „Vu Letzeburg op Letzeburg" merken.

„Liest also d'Liewen vun dene Jongen, fir de' all den Aussproch vu mengem Önneroffize'er zo'trefft we' ech verwondt war:

„Es war dies die beste Lösung für ihn, denn er war kein Soldat, wäre nie einer geworden und wollte keiner sein".

Mir wäre scho gudd Zaldôte ginn, hätte mer nemmen eng äner Uniform gehât.

# Op Besuch am „Musée de la Déportation“ zu Hollerech



Old Guides vun Diddeleng,
Mlle Lucie Lang, Responsabel



6e classe primaire Gasperich,
M. Zepp, Responsabel



Classe DOCU/GA, Lycée technique Bouneweg,
M. Laures, Responsabel



# Journée Commémorative der „Amicale des Enrôlés de Force, Sektioun Béigen“

Kürzlich trafen sich die Kameradinnen und Kameraden aus den vielen Ortschaften im Norden des Landes zum Gedenken ihrer Gefallenen und Vermissten, die nach Kriegsende die Heimat nicht wiedersehen konnten, und all derer, die sie in der Zwischenzeit verlassen haben.

Ein feierlicher Gottesdienst in der Kirche in Boevange/Clerf, festlich umrahmt vom Kirchengesangverein Boegen-Lullingen-Stockem, erinnerte die Teilnehmer an die allzu schrecklichen Tage der germanischen Gewaltherrschaft. In diesen Orten, wo die Nazihorden noch während der Rundtstettoffensive raubten und mordeten, haben die Kriegsjahre viele Narben hinterlassen.

Nach dem Gottesdienst trafen sich die Teilnehmer im Vereinsbau in Hoffelt zum gemeinsamen Mittagessen. Hier gilt dem Küchenpersonal ein besonderes Lob, das sich alle Mühe gab, die hier Versammelten zu verwöhnen.

Im Anschluss gaben die Verantwortlichen, Präsident Noé Baltasar und Sekretärkassierer Kergen Jean Aufschluss über die Arbeit des Vorstandes im vergangenen Jahr 2002.

Die vorige Journée begann mit einer Messe in Oberwampach, Mittagessen und Generalversammlung wurden in Derenbach abgehalten. Der Vorstand war auf 4 Mitglieder zusammengeschrumpft, wurde dann per Akklamation von drei Kameraden; Diederich Marcel, Lamborelle Jhemp und Rencken Paul, vervollständigt.

Auf Vorschlag von Kamerad Keipes Jean sollten die Neujahrswünsche wiederum im Bulletin veröffentlicht werden, dies mit einer Erhöhung des Mitgliedsbeitrags von 13 auf 15 Euro. Es wurde ebenfalls beschlossen die eigene Busreise zur Oktavmesse abzuschaffen. Da die Amiperassektion Wintger am selbigen Tag mit einem Bus zur Oktave fährt, sollen die Mitglieder sich hierbei anschließen, und sich bei Zeiten an die Amiperas wenden.

Die Journée Commémorative soll nicht mehr wie früher am Fettendonnerstag abgehalten werden, aber am Sonntag vorher.

Am Nationalkongress in Luxemburg konnte umständehalber kein Vorstandsmitglied teilnehmen.

Im vergangenen Jahr haben fünf Kameraden die Sektion auf immer verlassen: Lallemand Nic aus Brachtenbach, Noé Henri aus Helzingen, Pater Grein Albert aus Fünfbrunnen, Jacobs Fracy aus Dönningen und Mersch Veny aus Brachtenbach. Sie sollen nicht vergessen sein! Der Vorstand beteiligte sich allemal an den Begräbnisfeiern.

Melcher Norbert vom Zentralvorstand beglückwünschte die Verantwortlichen, sowie alle Kameradinnen und Kameraden für die Initiative der Journée Commémorative. Er freue sich unter ihnen zu weilen, aber allemal dass die Vereinsarbeit noch von ihnen selbst bewältigt werde, und beschwor sie, immer so weiterzumachen. Für Ratschläge und Vereinfachung der Vereinsarbeit könne er selbst stets mit Rat und Tat zur Seite stehen. Nächstes Treffen im Jahre 2004 in Asselborn.

Der Vorstand setzt sich zusammen: Präsident Noé Balthasar, Sekretär/Kassierer Kergen Jean, Mitglieder Diederich Marcel, Keipes Jean, Lamborelle Jhemp, Renckens Paul und Bartz André.

# Am Mémorial de la Déportatioun



M. Pündel mat Refractairen a Resistenzler vun der Musel

# Vœux de Nouvel An

*Vill Gléck am neie Joer an eng gutt Gesondheet*

## Rektifikatiounen a Complémentaire

**Sektioun Nord, Cliärref**

Kails-Lanners Louis & Mme, Stroossen
Leiner-Foetler René, Hengescht

**Sektioun Diddeleng**

Diederich Arsène & Mme, Diddeleng
Fox Mina, Mme, Diddeleng
Kettel Louis & Mme, Diddeleng
Mergen-Kauffmann Alice, Mme, Diddeleng
Rosseljong Antoine & Mme, Diddeleng
Sturm Nicolas & Mme, Diddeleng

**Sektioun Lëtzebuerg**

Englebert René, Lëtzebuerg
Gringor-Ries Erny & Mme, Bridel
Rassel-Karier Pierre & Mme, Munneref
Schuller Gaston & Mme, Beetebuerg
Ternes-Rollinger M.J., Mme, Lëtzebuerg

**Sektioun Péiteng**

Bley Jean, Péiteng
Bley Marechen, Mme, Péiteng
Ginter-Bonichaux Maisy, Mme, Péiteng
Keiser Léon, Péiteng
Keiser Marechen, Mme, Péiteng
Schlim Edmond, Péiteng
Schlim Elise, Mme, Péiteng

**Sektioun Simmer**

Flammant-Feitz Nelly, Mme, Ruedt-Simmer

**Sektioun Sud-Ouest**

Alberty-Gindt Cécile, Mme, Dippech
Demuth Irma, Mme, Dippech

**Sektioun Suessem**

Hettinger Lucie, Mme, Bieles

**Sektioun Wormer**

Pundel Albert, Lëtzebuerg

**Individuell**

Hoffmann Nicolas, Houwald
Kimmel René, Esch/Uelzecht
Ries Jean & Mme, Déifferdeng
Kerschen-Servais Marie, Mme
Floralux, Péiteng

Fir d'Feeler, déi Rektifikatiounen noutwendeg gemat hunn, entschëllegt sech d'Redaktioun!

## † In Pace

D'Amicale vun den EdF Sektioun **Schieren** gedenkt hirem Komerod

**Paul Goerens, Keesserevisor**

deen äis den 13. September 2002 am Alter vu 77 Joer
fir ëmmer verlooss huet.
Mir behalen de Pol a gudder Erënnerung an drécke senger Famill
am Trauer eist déifste Matgefill aus.
Schlof am Fridden, mir vergiessen dech net.

---

D'Amicale vun den Enrôlés de Force, **Walferdange**
ass am Trauer fir d'Komeroden, déi si am Joer 2002/2003
fir ëmmer verlooss hun:

**Halsdorf Pitt, Präsident**

| | |
|---|---|
| **Elsen J.P.** | **Kirsch-Baumann Alice** |
| **Gerson Jean** | **Erpelding-Heiderscheid Irma** |
| **Kayser Marcel** | **Dietert-Weintzen Mily.** |

„Mir vergiessen Iech nët"

## E Schoulbouf

Et gouf bei eis a schwéirer Zäit
vu Preisen eng grouss Zuel,
voll Houfert haten si d'Hirschuel
u Wësse war se huel.
Och Schoulmeeschtere gouf et vill
hei aus dem Preiseland
si hu verzaapt ganz Fässer Wand
mat net eng Dréps Verstand.

Esou koum an d'Schoul emol
zu Hollerech onverhofft
fir ze gesinn op blose géif
och do déi preisesch Loft.
Hie setzt um Pult sech op de Stull
a rifft eraus e Jong
mat Ae grouss a feireg
mat Hoer käschtebrong.

Hie kuckt an d'Ae schaarf dem Bouf
dee war keng Grëtz verwallt,
hie freet: „Nenn aus der neuen Zeit
eine heldische Gestalt!"
De Bouf bedenkt sech keng Sekund
hie rifft: „Das ist bei Gott!
so wahr ich Luxemburger bin
Großherzogin Charlotte!"

Gläich spréngt de Preis, ewéi gestach
vun enger Bei an d'Luucht,
hien huet gescheimt, hien huet ge-
kacht,
gebierelt a geflucht.
Du gouf zu Hollerech an der Schoul
gekickelt a gelaacht
dem Bouf seet säi Gewësse lues:
„Dat hues de gutt gemat."

Théod. Wies



# Op Besuch an der Hollerecher Gare



*Lycée technique des Arts & Métiers*
*Mme Eyschen et Mme Feyerstein*



*Association Parkinson*



*Lycée technique Ettelbruck*
*Madame Steichen*

**Opruf un d'Caissiere vun eise Sektiounen, eis nei Nummer bei de CHEQUES POSTAUX L-1090 Luxembourg**

**Fédération des victimes du nazisme, enrôlées de force IBAN LU78 1111 0313 2995 0000**
**Association des enrôlés de force, victimes du nazisme IBAN LU88 1111 0313 2490 0000**
**Féd. des enrôlés de force Asbl, Section Hollerich-Gare IBAN LU07 1111 2035 8882 0000**

# Agenda

***26, März 2003***
Generalversammlung vun der Sektioun Lëtzebuerg-Stad am Café-Restaurant de Paris um 15 Auer.

***5. Abrëll 2003***
Generalversammlung vun den Enrôlés de force, Sektioun Stesel.

***12. Abrëll 2003***
Rendez-vous Nijni-Taguil zu Réimech am Hôtel St-Nicolas.

***3. Mee 2003***
Kongress vun der Association des enrôlés de force, victimes du nazisme zu Ettelbréck.

***15. Mee 2003***
Oktavmass vun allen Enrôlés de Force an der Kathedral zu Lëtzebuerg, 11.15 Auer.

***18. Mee 2003***
No der Muttergottesprozessioun géint 16 Auer ass zu Cliärref beim GI-Denkmol en Gedenkzeremonie duerch d'Fédératioun an d'Enrôlés de Force, Sektioun Nord-Cliärref.

***25. Mee 2003***
Schlussprozessioun vun der Oktav zu Lëtzebuerg-Stad.

***31. Mee 2003***
Conveniat Amicale Gembitz-Deutschwalde zu Contern. Rendez-vous um 10 Auer virun der Kierch.

# Sommaire


„Médaille Militaire" fir de Grand-Duc Jean ..... 2
Mir traueren ëm d'Josée Reeff ..... 3
„Tambower Tag" am 9. November 2002 ..... 4
Di 91 Lëtzebuerger Affer vu Slonsk sinn net vergiess ..... 5
Verbrechen der Wehrmacht; Zuschriften und Kommentare ..... 7
Nouvellen aus der Sektioun Diddeleng ..... 10
Erinnerungen und Andenken ..... 11
Op Besuch am „Musée de la Déportation zu Hollerech ..... 12
Journée Commémorative der „Amicale des Enrôlés de Force, Sectioun Béigen" ..... 13
In Pace ..... 14
Vœux de Nouvel An ..... 14
Agenda ..... 16


Redaktiounsschluss fir Nr. 2/2003 ass den 1. Abrëll 2003. Merci!


**Fédération des victimes du nazisme, enrôlés de force,** Association sans but lucratif –
Siège: 34A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, **boîte postale 2415, L-1024 Luxembourg,**
**Tél. + fax: 48 32 32 – CCP IBAN LU78 1111 0313 2995 0000 – Dexia-BIL: IBAN LU 0025 2174 5460 0000**

**Rédaction du bulletin bimestriel:** «Les sacrifiés», c/o **Norbert Melcher**
1, Wisegässel, L-7333 Stesel, Tél. 33 60 30

**Distribution du bulletin «Les Sacrifiés»: Jules Giersch**
14A, rue de Sélange, L-4965 Clemency, tél.: 50 21 37

**Service social aux enrôlés de force:** Emile Gruber, 14A, rue de Diekirch, L-7440 Lintgen
En cas de non-réponse: 3A, rue de la déportation, L-1415 Luxembourg, tél. 48 32 32.

**L'Amicale des anciens de Tambow,** secrétariat: L-8378 Kleinbettingen, 14, rue de Kahler, CCP 24007-48, tél. 39 60 39

**L'Association des enrôlés de force, victimes du nazisme,**
secrétariat: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg,
boîte postale 2115, L-1024 Luxembourg, CCPL: IBAN LU88 1111 0313 2940 0000
Tél. + fax: 48 32 32

**Association des survivants des enrôlés de force, a.s.b.l.,** siège: 3A, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg.

**Impression:** saint-paul luxembourg